# KONVENTIOUN IWWER D'RECHTER VUM KAND

1. DEFINITIOUN "KAND"
2. KENG DISKRIMINÉIERUNG
3. WUEL VUM KAND
4. VERWIERKLECHUNG VUN DE KANNERRECHTER
5. ROLL VUN DER FAMILL
6. LIEWEN, IWWERLIEWEN AN ENTWÉCKLUNG
7. NUMM AN NATIONALITÉIT
8. IDENTITÉIT
9. ERHALE VUN DER EENHEET VUN DER FAMILL
10. KONTAKT MAT DEN ELTEREN AM AUSLAND
11. SCHUTZ VIRUN ENTFÉIERUNG
12. RESPEKT VIRUM KAND SENGER MEENUNG
13. FRÄIEN AUSTAUSCH VUN IDDIEN
14. GEDANKEN- A RELIOUNSFRÄIHEET
15. GRUPPE GRËNNEN A BÄITRIEDEN
16. SCHUTZ VUN DER PRIVATSPHÄR
17. ZOUGANG ZU INFORMATIOUNEN
18. VERANTWORTUNG VUN DEN ELTEREN
19. SCHUTZ VIRU GEWALT
20. KANNER OUNI FAMILL
21. ADOPTÉIERT KANNER
22. FLÜCHTLINGS-KANNER
23. KANNER MAT ENGER BEHËNNERUNG
24. GESONDHEET, WAASSER, ERNÄRUNG, ËMWELT
25. IWWERPRÉIWE VUM PLACEMENT VUM KAND
26. STAATLECH HËLLEF
27. IESSEN, KLEEDUNG A SÉCHERT DOHEEM
28. ZOUGANG ZUR BILDUNG
29. EDUCATIOUNSZILER
30. ËNNERSCHIDDLECH KULTUR, SPROOCH A RELIOUN
31. ERHUELUNG, SPILL, KULTUR A KONSCHT
32. SCHUTZ VIRU GEFÉIERLECHER AARBECHT
33. SCHUTZ VIRUN DROGEN
34. SCHUTZ VIRU SEXUELLER GEWALT
35. PRÄVENTIOUN VU KANNERVERKAF AN -HANDEL
36. SCHUTZ VIRUN AUSBEUTUNG
37. KANNER AN HAFT
38. SCHUTZ A KRICHSZÄITEN
39. GESOND GINN A REINTEGRATIOUN
40. VERSTOUSS GÉINT D'GESETZ
41. UWENDUNG VUM BESCHTMÉIGLECHE GESETZ
42. BEKANNTMAACHE VUN DE RECHTER VUM KAND

43-54 FONCTIONNEMENT VUN DER KONVENTIOUN

**1** E Kand ass eng Persoun, déi manner ewéi 18 Joer al ass.

**2** Alleguerten d'Kanner hunn déi selwecht Rechter, ob Jong oder Meedchen, egal wie se sinn, wou se liewen, wat fir eng Sprooch se schwätzen, wat fir eng Relioun se hunn, wat se denken, wéi se ausgesinn, ob se eng Behënnerung hunn, ob se aarm oder räich sinn, wien hir Elteren oder Famill sinn a wat dës denken oder maachen. Kee Kand däerf aus iergendengem Grond ongerecht behandelt ginn.

**3** Wann déi Erwuessen Entscheedungen treffen, musse si iwwerleeën, wéi een Impakt dës Decisiounen op d'Kanner hunn. Déi Erwuesse mussen dat maachen, wat fir d'Kanner am beschten ass. D'Regierunge musse sech vergewësseren, datt d'Kanner beschützt a versuergt gi vun hiren Elteren oder vun anere Persoune wann néideg. Se mussen drop uechten, datt d'Persounen an d'Instanzen, déi sech ëm d'Kanner këmmeren, hir Aarbecht esou gutt ewéi méiglech maachen.

**4** D'Regierunge musse sech beschtméiglech beméien, fir sécherzestellen, datt alleguerten d'Kanner, déi an hirem Land liewen an och déi, déi just zäitweileg do sinn, vun all de Rechter kënne profitéieren, déi an déser Konventioun festgehale sinn.

**5** D'Regierunge mussen et de Familljen a Communautéiten erméiglechen, hir Kanner esou ze fërderen, datt se beim Opwuesse léieren, hir Rechter esou gutt ewéi méiglech wouerzehuelen. Wat d'Kanner méi al ginn, wat se manner Rotschléi brauche wäerten.

**6** All Kand huet Recht op Liewen. D'Regierunge musse sech vergewësseren, datt d'Kanner iwwerliewen a sech esou gutt ewéi méiglech entfale kënnen.

**7** Wa se op d'Welt kommen, musse Kanner ugemellt ginn an en Numm kréien, dee vun der Regierung vun hirem Land offiziell unerkannt ass. Kanner mussen eng Nationalitéit hunn (zu engem Land gehéieren). Souwäit ewéi méiglech mussen d'Kanner hir Eltere kennen a vun hinnen erzu ginn.

**8** Kanner hunn d'Recht, hir eegen Identitéit ze hunn, dat heescht, en offiziellt Dokument, dat ugëtt, wie se sinn, a wou och hiren Numm, hir Nationalitéit an hir Familljebezéiungen dropstinn. Et däerf keen hinnen dës Identitéit ewechhuelen. Wann dat trotzdeem virkënnt, mussen d'Regierungen hëllefen, d'Identitéit esou séier ewéi méiglech erëmzefannen.

**9** Kanner däerfen net vun hiren Eltere getrennt ginn, ausser, wann dës se net op eng adequat Aart a Weis erzéien. Dat ass de Fall, wann een Elterendeel engem Kand schuet oder sech net ëm et këmmert. Kanner, deenen hir Elteren net zesummeliewen, musse mat deenen zwee Elteren a Kontakt bleiwen, ausser wann dat hinne schuet.

**10** Wann e Kand net am selwechte Land wéi seng Eltere lieft, mussen d'Regierungen et erlaben, datt d'Kand an d'Eltere reese kënnen, fir datt se a Kontakt bleiwen an Zäit zesumme verbrénge kënnen.

**11** D'Regierunge musse verhënneren, datt e Kand aus engem Land erausbruecht gëtt, wann d'Gesetz dat net erlaabt. Dat kann zum Beispill bei enger Entféierung oder wann ee vun deenen zwee Elteren e Kand an engem anere Land géint de Wëlle vum aneren Elterendeel zeréckhält, virkommen.

**12** Kanner hunn d'Recht, hir Meenung iwwer Froen, déi si betreffen, fräi ze äusseren. Déi Erwuesse mussen hinnen opmierksam nolauschteren a si eescht huelen.

**13** Kanner hunn d'Recht, fräi ze äusseren, wat si léieren, denken oder fillen, sief dat duerch Schwätzen, Molen, Schreiwen oder op eng aner Manéier, ausser wann dat anere Persoune schuet.

**14** Kanner hunn d'Recht, hir eege Gedanken, Meenungen a Relioun ze hunn, mee dat däerf aner Persounen net dovun ofhalen, vun hire Rechter ze profitéieren. Eltere kënnen hir Kanner guidéieren an hinne bäibréngen, dëst Recht, wa se grouss ginn, richteg wouerzehuelen.

**15** Kanner kënne Gruppen oder Associatioune bäitrieden oder och grënnen a sech mat anere Persounen treffen, soulaang dat kengem schuet.

**16** All Kand huet Recht op e Privatliewen. D'Gesetz muss d'Kanner géint all Ugrëff op hiert Privatliewen, hir Famill, hiert Doheem, hir Kommunikatiounen an hire Ruff schützen.

**17** Kanner hunn d'Recht, Zougang op Informatiounen aus dem Internet, aus dem Radio, vun der Télee, aus Zeitungen, aus Bicher an aus anere Quellen ze hunn. Déi Erwuesse musse sécherstellen, datt dës Informatiounen net geféierlech fir d'Kanner sinn. D'Regierunge mussen d'Medien encouragéieren, Informatiounen aus verschidde Quellen a kannergerechter Sprooch ze verëffentlechen.

**18** D'Elteren droen d'Haaptverantwortung fir d'Erzéiung. Wann e Kand keng Elteren huet, muss d'Verantwortung fir dem Kand seng Erzéiung engem aneren Erwuessenen iwwerdroe ginn, deen „gesetzleche Vertrieder" genannt gëtt. D'Elteren an déi gesetzlech Vertrieder mussen ëmmer am Sënn vum Wuel vum Kand handelen. D'Regierung vum Land muss hinnen hëllefen. Wann e Kand béid Elterendeeler huet, si se allen zwee fir seng Erzéiung verantwortlech.

**19** D'Regierunge mussen d'Kanner viru Gewalt, Mëssbrauch oder e Manktem u Fleeg an all de Leit, déi sech ëm si këmmeren, schützen.

**20** All Kand, dat net a senger eegener Famill kann erzu ginn, huet d'Recht, op eng adequat Aart a Weis vu Persounen erzunn ze ginn, déi seng Relioun, seng Kultur, seng Sprooch an all aneren Aspekt vu sengem Liewe respektéieren.

**21** Wann e Kand adoptéiert gëtt, ass dat Wichtegst, datt fir d'Wuel vum Kand gehandelt gëtt. Wann e Kand a sengem eegene Land net op eng adequat Aart a Weis erzu ka ginn – zum Beispill, wann et mat enger anerer Famill lieft – kann et an engem anere Land adoptéiert ginn.

**22** E Kand, dat sech als Flüchtling an engem anere Land nidderléisst (well et a sengem eegene Land net a Sécherheet war), muss Schutz an Hëllef kréien an déi selwecht Rechter hunn ewéi déi Kanner, déi an deem Land gebuer sinn, an dat et geflücht ass.

**23** All Kand mat enger Behënnerung muss dat beschtméiglecht Liewen an der Gesellschaft féiere kënnen. D'Regierunge mussen all d'Barrièren ofschafen, déi et de Kanner mat enger Behënnerung net erlaben, autonom ze ginn an aktiv um Liewen an der Gesellschaft deelzehuelen.

**24** Kanner hu Recht op déi beschtméiglech Gesondheets-versuergung, op Drénkwaasser, op gesond Ernärung an op e Liewen an enger propperer a sécherer Ëmwelt. Alleguerten déi Erwuessen an d'Kanner mussen driwwer informéiert sinn, wéi een a Sécherheet a bei Gesondheet bleift.

**25** Wann e Kand placéiert gëtt, fir op enger anerer Plaz ze wunne wéi doheem, sief dat aus Fleegegrënn, fir säi Schutz ze garantéieren oder aus Gesondheetsgrënn, muss reegelméisseg iwwerpréift ginn, ob et em gutt geet an ob et nach ëmmer déi Plaz ass, déi sech am beschte fir et eegent.

**26** D'Regierunge musse finanziell Mëttel an aner Ënnerstëtzungsmëttel zur Verfügung stellen, fir de Kanner aus aarme Verhältnisser ze hëllefen.

**27** Kanner hu Recht op Ernärung an op Kleedung a si hunn d'Recht, op enger sécherer Plaz ze wunnen, fir sech esou gutt ewéi méiglech ze entfalen. D'Regierunge mussen de Familljen a Kanner hëllefen, déi keng Mëttel hu fir dat alles ze kafen.

**28** All Kand huet Recht op Bildung. D'Grondschoul muss gratis sinn. All Kand muss Zougang zum Secondaire an op Héichschoulbildung hunn. Kanner mussen encouragéiert ginn, den héchstméigleche Bildungsniveau ze erreechen. D'Disziplin an der Schoul muss un d'Kannerrechter adaptéiert sinn an et däerf ni op Gewalt zeréckgegraff ginn.

**29** D'Bildung vun de Kanner muss hinnen hëllefen, hir Perséinlechkeet, hir Talenter an hir Fäegkeete vollstänneg ze entwéckelen. Se muss et hinnen erméiglechen, hir Rechter ze verstoen an d'Rechter an d'Kultur vun anere Persounen esouwéi hir Ënnerscheeder ze respektéieren. Se muss hinnen hëllefen, am Fridden ze liewen an d'Ëmwelt ze schützen.

**30** All Kand huet d'Recht, seng eege Sprooch ze schwätzen a seng eege Kultur a Relioun auszeüben, och wann d'Majoritéit vun de Leit, déi a sengem Land wunnen, eng aner Sprooch, eng aner Kultur oder eng aner Relioun hunn.

**31** All Kand huet d'Recht, sech auszerouen, sech ze entspanen, ze spillen an u kulturellen a kreativen Aktivitéiten deelzehuelen.

**32** Kanner hunn d'Recht, virun Aarbecht geschützt ze ginn, déi geféierlech oder schlecht fir hir Educatioun, hir Gesondheet oder hir Entwécklung ass. Wa se schaffen, hu se d'Recht, a Sécherheet ze sinn an adequat bezuelt ze ginn.

**33** D'Regierunge mussen d'Kanner viru geféierlechen Droge schützen an dofir suergen, datt si där keng huelen, produzéieren, transportéieren a verkafen.

**34** D'Regierunge mussen d'Kanner viru sexueller Ausbeutung a viru sexueller Gewalt schützen. Dat beinhalt och de Schutz viru Leit, déi Kanner zwéngen, bezuelt sexuell Relatiounen anzegoen, oder Fotoen oder Filmer sexueller Natur ze maachen.

**35** D'Regierunge mussen dofir suergen, datt d'Kanner net entféiert oder verkaaft ginn an datt se net an aner Länner oder op aner Plaze bruecht ginn, fir do ausgebeut ze ginn (dorënner versteet een, datt vun hinne profitéiert gëtt).

**36** Kanner hunn d'Recht, virun all aner Form vun Ausbeutung (dorënner versteet een, datt vun hinne profitéiert gëtt) geschützt ze ginn, och wa se net explizitt an der Konventioun ernimmt gëtt.

**37** Kanner, déi beschëllegt sinn, géint d'Gesetz verstouss ze hunn, däerfen net ermuert, gefoltert oder grausam behandelt ginn. Se däerfen och net liewenslänglech oder zesumme mat Erwuessenen an de Prisong gesat ginn. De Prisong muss ëmmer déi lescht Optioun sinn an dat fir esou kuerz Zäit ewéi méiglech. Kanner, déi am Prisong sinn, musse rechtlech Hëllef kréien a se mussen a Kontakt mat hire Famillje kënne bleiwen.

**38** Kanner hu Recht op Schutz a Krichs-zäiten. Kee Kand ënner 15 Joer däerf enger Arméi ugehéieren oder u Kämpf deelhuelen.

**39** All Kand huet Recht op Hëllef, wann et verletzt, mësshandelt, vernoléissegt oder vum Krich betraff war, fir erëm op d'Been ze kommen a seng Würd erëmzefannen.

**40** Kanner, déi beschëllegt sinn, géint d'Gesetz verstouss ze hunn, hu Recht op eng gerecht Behandlung an op Hëllef vu Persounen, déi d'Gesetz kennen. Et musse vill Méiglechkeete bestoen, fir de Kanner ze hëllefen, gutt Membere vun eiser Gesellschaft ze ginn. De Prisong muss ëmmer déi lescht Optioun sinn.

**41** Wann e Land Gesetzer huet, déi d'Kannerrechter besser schützen ewéi dës Konventioun, mussen déi Gesetzer ugewant ginn.

**42** D'Regierunge musse sech aktiv dofir asetzen, de Kanner an och den Erwuessenen dës Konventioun méi nozebréngen, fir datt jiddwereen iwwer d'Kannerrechter informéiert ass.

**43-54** Dës Artikelen erklären d'Beméiung vun de Regierungen, vun de Vereenten Natiounen (z. B. Kommitee fir d'Kannerrechter an UNICEF) a vun aneren Organisatiounen, fir datt alleguerten d'Kanner vun all hire Rechter profitéiere kënnen.

# KONVENTIOUN IWWER D'RECHTER VUM KAND

Design ©UNICEF, 2019.

## KONVENTIOUN IWWER D'RECHTER VUM KAND

VERSIOUN A KANNERGERECHTER SPROOCH

D'Konventioun iwwer d'Rechter vum Kand ass e wichtegen Accord tëschent Länner, déi versprach hunn, d'Rechter vum Kand ze schützen. Se erkläert, wie Kanner sinn, wat fir eng Rechter se hunn a wat de Regierungen (domadder sinn déi gemengt, déi e Land leeden) hir Verantwortung ass. All dës Rechter sinn matenee verknëppt an d'selwecht wichteg a kënnen de Kanner net ewechgeholl ginn. Méi Informatiounen ënner: unicef.lu/kinderrechte/ | kannerrechter.lu | okaju.lu

unicef fir all Kand

Déi lëtzebuergesch Iwwersetzung gouf gemaach am Zesummenaarbecht mam Ombudsman okaju

Den Drock gouf realiséiert mat finanzieller Ënnerstëtzung vum Service des Droits de l'enfant, MENJE

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse